LU

GEMENGEROT VUM 16. DEZEMBER 2022

Present: De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV), d'Schäffen, Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren, Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer (LSAP) an André Noesen (déi gréng) ; de Gemengesekretär ff, Caroline Gräff

Entschëllegt: Marco Haas, Gemengesekretär

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl mat Ausnam vun de Punkten 8.1 an 8.2.

ËFFENTLECH SËTZUNG

MATDEELUNGEN

Virun der Sëtzung seet de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) alle Membere vum Gemengerot Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an dësem Joer.

1. Loyerskontrakten, Verkafsverspriechen an notariell Akten

1.1. Compromis d'échange

Mat dësem Compromis d'échange iwwerléisst Gemeng Kielen der Madamm Wackers en Terrain vun 0,42 Ar an der Rue Simmerschmelz a kritt duerfir an där selwechter Strooss zwee Terraine vun am ganzen 1,63 Ar.

1.2. Verkafsverspriechen

D'Gemeng verkeeft der Koppel Wirth-Gary vun Nouspelt verschidde Parzelle vun am Ganzen 0,79 Ar an der Rue Simmerschmelz.

1.3. Notariellen Tauschakt

D'Gemeng Kielen tauscht Terraine mat enger Gesamtfläch vun 171,62 Ar "In der Gruf" an "In Dingen" zu Kielen géint Terraine vun am Ganzen 116,83 Ar an der "Schaar" an "In der Gruf" zu Kielen an "Im Widem" (Keespelt/Meespelt), déi fir de Wee fir douce Mobilitéit tëscht Kielen a Keespelt gebraucht ginn.

1.4. Pachtvertrag

De Gemengerot approuvéiert e Pachtvertrag tëschent dem Schäfferot an der Madamm Pauline Van Wissen vun Nouspelt iwwer d'Notze vun engem Deel vun der Parzell 135/4282 zu Nouspelt mat enger Fläch vu 4,96 Ar.

2. NaturPakt – Mesuren an der Gemeng Kielen

2.1. Strategie fir de Schutz vun der Natur a vum Waasser

Nodeems d'Gemeng de 17. Dezember 2021 eestëmmeg de Kontrakt fir den Naturpakt ugeholl hat, huet d'Gemeng den 3. Juli 2022 d'Zesummenaarbecht mam SICONA decidéiert. Dee Kontrakt ass de 15. Juli eestëmmeg ugeholl ginn an Ufank August ass de Marc Bissen als NaturPakt-Schäffen ernannt ginn. 2023 sollen eng Rei Saachen an d'Weeër geleet ginn, an duerfir mussen eng Rei Decisioune geholl ginn.

Do muss d'Gemeng eng Strategie ausschaffen, fir iwwer méi Joren de Schutz vun der Natur a vum Waasser ze garantéieren.

2.2. Nei kommunal Uplanzungen am Duerfmilieu

Weider verflicht d'Gemeng sech, fir bei nei Uplanzungen am éffentleche Raum vun der Gemeng nëmmen nach einheimesch Planzen anzesetzen.

2.3. Konzept zur Reduzéierung vu Liichtverschmotzung am Interessi vum Déiereschutz

Bei der Reduzéierung vu Liichtverschmotzung geet et drëm, fir de Planzen an den Déieren ze hëllefen, déi duerch d'Liichtverschmotzung Problemer hunn, doduerch datt d'Beliichtung entspriechend verännert gëtt.

E Conseiller vun "déi gréng" felicitéiert der Gemeng, fir de Konzept vum Schutz géint d'Liichtverschmotzung. De Schäffe Marc Bissen weist drop hin, datt ee sech do vun engem Liichtberoder leede gelooss huet.

2.4. Resilienz vum Bësch

Hei geet et drëm, datt an de Gemengebëscher d'Bichen eréischt mat 220 Joer an d'Eechen eréischt mat 260 Joer dierfe gehae ginn. Heifir sinn eng ganz Rëtsch Mesuren zesumme mam Fieschter ausgeschafft ginn.

2.5. Kommunikatiounskonzept fir d'Bierger iwwer de Schutz vun der Natur a vum Waasser a vun enger nohalteger Entwécklung ze informéieren an ze sensibiliséieren

Well et net duer geet, fir déi Projeten nëmmen ëmzesetzen, mee well och d'Awunner solle mat informéiert a sensibiliséiert ginn, soll vum Service Relations Publiques e Kommunikatiounskonzept ausgeschafft ginn fir d'Bierger heiriwwer ze informéieren an ze sensibiliséieren.

Fir e Conseiller vun "déi gréng" ass et wichteg, datt d'Awunner un engem Strang matzéien. Duerfir wier d'Kommunikatioun noutwendeg.

Den éischte Schäffe Marc Bissen (LSAP) notéiert, datt d'NaturPakt-Team schonn zweemol zesummekomm ass, a seet dem Gemengerot Merci fir déi finanziell Moyene fir dëse Projet ëmzesetzen.

3. Pacte Logement 2.0 – Konventioun iwwer d'Asetzen

Nodeems am leschte Gemengerot de Plan d'Action Local (PAL) eestëmmeg ugeholl ginn ass, geet et mat dëser Konventioun drëm, datt d'Gemeng sech verflicht, fir de Pacte Logement 2.0 konkret ëmzesetzen. Doduerch datt dat nach dëst Joer geschitt, kritt d'Gemeng d'nächst Joer e Subsid vun 320.000 €

4. Spezialkredit fir en ausseruerdentleche Subsid fir d'A.s.b.l. HMC-Liga

Well d'A.s.b.l. Ligue HMC dëst Joer mat enger ganzer Rëtsch Manifestatiounen uechter d'Land hire 60 Anniversaire feiert, proposéiert de Schäfferot, fir hinnen e Subsid vu 1.500 € ze accordéieren.

5. Berodend Gemengekommissiounen :

5.1. Integratiounskommissioun : Demissioun vun engem Member

D'Demissioun vum Yves Deschamps aus der Integratiounskommissioun gëtt ugeholl.

5.2. Kommissioun fir Ëmwelt, Verkéier an douce Mobilitéit : Demissioun vun engem Member

D'Demissioun vum Norbert Jung aus der Ëmweltkommissioun gëtt ugeholl.

5.3. Kommissioun fir Ëmwelt, Verkéier an douce Mobilitéit: Ernennung vun engem Member

Als neie Member gëtt Cheryl Bink-Geschwind an d'Kommissioun fir Ëmwelt, Verkéier an douce Mobilitéit ernannt.

6. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

Wéinst Aarbechten um Gemengewee tëschent Dondel an Nouspelt bleift dëse Wee vum 7. Januar bis 30. Juni 2023 fir de Verkéier gespaart.

7. Centre Intégré fir eeler Leit zu Eischen – Konventioun

Iwwer eng Konventioun mat dem Franziskanerinnen-Uerden reservéiert d'Gemeng Kielen fir hir Awunner 7 Better am neie CIPA vun der Kongregatioun, an dat fir e Präis vun 100.000 € pro Bett, déi op zwee Budgetsjoren opgedeelt ginn.

An deem Kontext erënnert e Conseiller vun der CSV drun, datt schonns sechs Better zu Boufer ugefrot sinn, wou de Projet sech awer bis 2030 verréckelt huet. Doriwwer eraus huet Kielen 14 Better zu Mamer, vun deenen eent net beluecht ass, an zwee Better bei der ALA zu Ierpeldeng/Sauer, déi béid beluecht sinn. Well d'Waardelëschten nom Covid zesummegebrach sinn an och den Drock hei net méi sou staark wier, freet hien, ob et nach ëmmer logesch wier, fir d'Demande zu Boufer bäizebehalen. Eng Conseillère vun der LSAP gëtt ze bedenken, datt Boufer nach relativ no bei Kielen läit.

8. Budget

8.1. Rektifizéierte Budget 2022

Kuckt den Tablo Säit 34.

Virun der Debatt iwwer de rektifizéierte Budget 2022 an de Budget 2023 informéiert de Buergermeeschter de Gemengerot iwwer verschidden nodréiglech Ännerunge wat d'Salairen ugeet; hie weist drop hin, datt de Waasserpräis vun der SES vum 1. Januar un erhéicht gëtt, och de Stroumpräis verduebelt sech, bei der Gewerbesteier ginn d'Recetten an d'Luucht a verschidde kleng Artikele, wéi en Audit, si bäikomm.

De Buergermeeschter, wéi och sämtlech Riedner bei dëser Budgetsdiskussioun, soen alle Responsabele Merci fir d'Mataarbecht un dësem Budget, besonnesch dem Finanzservice vun der Gemeng, awer och der Finanzkommissioun resp. dem Schäfferot.

8.2. Budget

D'Conseillere vun "déi gréng" an "DP" hu sech beim Vott vum rektifizéierte Budget 2022 a beim Budget 2023 enthal, déi aner Conseilleren hunn d'Budgeten approuvéiert.

Kuckt den Tablo Säit 35.

Bei der Budgetsdiskussioun geet de Conseiller Guy Kohnen (CSV) op déi aktuell schwiereg finanziell Situatioun an an där d'Gemeng sech op deemnächst 10.000 Awunner astelle muss an als Virleeschtung d'Infrastruktur dorop virbereede muss. Wéinst der internationaler Entwécklung, de Präishaussen, de Liwwerengpäss an der Zënspolitik en ongënschtege Moment, well ee keng Planungssécherheet huet an engem, wéi den Innenministère sot "contexte financier hautement incertain".

Hien verweist op aacht gespuerte Milliounen duerch d'Zesummenaarbecht mat der SNHBM, op d'Berechnunge mam Inneministère an erwaart substanziell staatlech Subsiden. Hien gesäit e Problem bei den uerdentlechen Depensen, déi ëm 4,8 % geklomme si grad eréi och eng Erhéijung vun der Masse salariale, mee wann d'Populatioun wiisst mussen och d'Mataarbechter méi ginn. Dobäi kommen d'Käschte fir nei Infrastrukturen, e.a. fir d'Schoul am Quartier Elmen.

Duerfir misst no Spuerméiglechkeete gesicht ginn a bei allen Depensen tëschent dem Nëtzlechen, dem Néidegen an dem Onbedéngten ënnerscheet ginn.

Et misst een och all Taxen nom Käschtendeckungsprinzip upassen an och de finanziellen Impakt vun de Grondsteiertariffer iwwerpréiwen, d'Investitiounen un d'Finanzkapazitéit upassen an duerch eng duerchduechte Finanzpolitik duerfir suergen, datt den ordinäre Budget net aus dem Rudder leeft. Well esou laang, wéi en Excedent am Ordinäre bleift, sou datt een d'Schold zréckbezuele kann, soulaang packt een et och, fir Projeten ze realiséieren an eng Gemeng ze bleiwen, an där d'Bierger eng gutt Qualitéit u Servicer fannen.

D'Conseillère Nathalie Heintz (LSAP) gesäit bei de villen Investitiounen éischter de Budget vun enger Stad- wéi vun enger Landgemeng. Do misst een d'Projete genee ofweien, mee si wier houfreg drop, datt dobäi d'Sozialleeschtungen net erofgesat gi sinn. Si gesäit och eng grouss Erliichterung doran, datt de soziale Wunnengsbau zesumme mat der SNHBM geschitt an hofft, datt d'Lounmass sech stabiliséiert. Si hofft och, datt den Inneministère déi richteg Referenzperiod fir déi nei Schoul berécksiichtegt.

Si weist drop hin, datt mat der Erhéijung vun der EZB hire Leetzënsen och d'Scholdzënse klammen. Donieft ginn Energie- a Waasserpräisser an d'Luucht, sou datt een d'Waassertaxen upasse muss. Trotzdeem muss weider investéiert ginn, d'Gemeng wiisst, brauch nei Infrastrukturen an d'Erneierung vun ale Gebaier. D'Gemeng bleift gefuerdert am Hibléck op d'Liewensqualitéit vun hiren Awunner. Duerfir wier et wichteg, datt d'nächst Joer kompetent Leit an de Gemengerot gewielt ginn.

De Conseiller Larry Bonifas (déi gréng) stellt fest, datt d'Kris sech nach net am Budget erëmspigelt, d'Investitioune sinn esou héich eréi ni, an et sinn ëmmer nees Saachen am Budget virgesinn, déi réischt an de Joren duerno realiséiert ginn, d'Präisser klammen dann, an dat mécht d'Saach fir kee méi einfach.

Hie mengt, nom plan pluriannuel de financement kéint d'Joer 2025 defizitär ginn, jee nodeem wéi d'Populatioun sech an den nächste Joren entwéckelt. De Schäfferot hätt deemno fir d'Nächst Joer en interessante Pak ze droen, deen da wuel op 13 Schëllere verdeelt, awer substanziell méi schwéier wier. Och hie weist op d'Personalkäschten hin, vermësst eng kloer Missioun am Budget, mee weist drop hin, datt si bal all Projet matgedroen hunn, sou datt si net géint de Budget stëmmen, mee sech enthale wäerten.

De Conseiller Patrick Krecké (DP) schléisst sech de Virriedner un. D'Finanziell Situatioun bei de Leit wier gespaant, duerfir wier och d'finanziell Situatioun an de Gemenge méi schwiereg. Och hien hätt vill Projete gréisstendeels matgedroen, mee hie weist op e puer Punkten hin, bei deenen déi nächst Responsabel gefuerdert sinn. Sou gesäit hien déi uerdentlech Depense fortlafen, well d'Energie- an d'Finanzkäschte klammen an den Emprunt e groussen Impakt op de Budget wäert hunn. Steigend Zënsen, noutwendegt héichqualifizéiert Personal an zwou Indextranchen d'nächst Joer géifen d'Saach net méi liicht maachen. Hien weist op d'Upassung vun de Gemengentaxen hin, begréisst d'Installatioun vu Solaranlagen an ënnerstëtzt ausdrécklech d'Projeten am soziale Wunnengsbau.

Hien bedauert nëmmen, datt verschidde Projeten net oder eréischt méi spéit realiséiert ginn, an erënnert do un d'Schwemm, well mir do fir eis Kanner vum gudde Wëlle vun eisen Noperen ofhängeg sinn.

De Conseiller Guy Breden (CSV) hätt héieren, SMS2Citizens sollt ofgeschaaft ginn, wat hien net gutt fënnt. Och hie begréisst d'Bedeelegung bei der SNHBM, weist drop hinn, datt de Schoultransport ëmmer méi deier gëtt an datt drop opgepasst muss ginn, datt reegelméisseg Käschten net ëmmer méi deier ginn. Hien geet op de SIGI an a bedauert datt nieft dem SIGI nach vill Geld an

d'Informatik muss investéiert ginn. Hie gëtt sengem Virriedner Recht, wat d'Schwemm betrëfft, mee hei géif jo Geld virgesinn, fir Etüden ze maachen, an do sollt een an engems Etüden iwwer d'Fraise maachen, déi nach nokommen.

D'Conseillère Claudine Meyer (LSAP) erënnert drun, déi eeler Leit net ze vergiessen a seet dem Schäfferot Merci dofir, datt d'Foussgängerweeër am Intressi vu Leit mat Rollstull oder Rollator méi déif geluecht gi sinn. Si begréisst och d'Investissement a Better zu Eischen. Si geet op de Kredit vun 33,5 Mio. € an a verweist op d'Präisdeierecht. Trotzdeem misst een och kucke, wat ee fir d'Jugend mécht. Si schléit hei Wunnenge fir Jonker mee och méi Ënnerstëtzung fir Jonker vir, duerfir wier all Investment ze begréissen. Leider zitt de Bau vun der Schwemm sech an d'Längt, mee si hätt Kontakter, fir datt de Schäfferot d'nächst Joer hei Gespréicher kéint féieren an d'Kanner Schwamme léieren. Weider erënnert si un de Bevëlkerungszouwuess an der Gemeng, un déi duerfir noutwendeg Infrastrukturen, mee och un d'Stroossen an de Verkéier. Si begréisst den NaturPakt a proposéiert, datt d'Virschléi vun der Finanzkommissioun net op daf Ouere stoussen. Si weess, datt muss gespuert ginn, felicitéiert awer fir dee solidaresch opgestallte Budget.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) seet de Membere vum Gemengerot Merci fir hir Interventiounen an d'Zäit déi si sech geholl hu fir de Budget ze analyséieren. Dëse Budget géif de Kader vun normale Budgete sprengen, et géif een op déi 10.000 Awunner duersteieren, déi awer nach net erreecht wieren, woufir d'Gemeng Virleeschtunge brénge misst. Heifir misst een d'Präiserhéijungen am A halen an engem, wéi de Ministère sot: "Contexte financier hautement incertain", wat awer net nëmme fir d'Gemeng Kielen géif gëllen.

Hien erënnert och drun, datt vill an der Covid-Zäit hänke bliwwen ass a sech elo verdeiert huet. Hien erënnert un d'Schoul an un d'Entrevue mam Inneministère, wou eng Analyse vun der Situatioun vun der Gemeng gemaach ginn ass, an d'Referenzperiod fir verschidde Projeten ënnersicht ginn ass.

Och hutt Dir mat Recht drop higewisen, dat dëst net méi de Budget vun enger klenger, mee schonns vun enger mëttelgrousser Gemeng ass, déi deemnächst 10.000 Awunner an der Noperschaft zur Haaptstad wäert hunn, mee direkt an der Natur, mat enger héijer Liewensqualitéit, wat weider Awunner bréngt, mee och méi Trafic. D'Gemeng wäert wuessen duerch Elmen, an dobäi ass et wichteg, datt dat Soziaalt net zréckbleift, fir Jonk an Al.

Suerge maachen d'Zënsverdeierungen, och de Waasserpräis gëtt méi deier, a mir kommen net derlaanscht, fir d'Tax ze erhéijen. Duerfir hofft de Buergermeeschter, datt och no de Wale kompetent ka weidergeschafft ginn.

Hie weist op d'Remark vum Conseiller Larry Bonifas hin, d'Joer 2025 kéint defizitär ginn, a seet, et misst een dru schaffen, fir datt dat net de Fall géif ginn.

Et ass gesot ginn, eng Kloer Visioun géif vermësst; mee Villes kann net esou ëmgesat ginn, wéi geplangt, an doru wäert sech och déi nächst Joren näischt änneren.

Dir sidd op d'Deierecht agaangen an op d'Personal- an Infrastrukturkäschten. Wa mir eng Infrastruktur fir 10.000 Leit opbaue wëllen, da si mir och personalméisseg gefuerdert, da musse mir opstocken. Mir hu vill Personalbeweegung mee mir hu keng Persoun ze vill an et ass net ëmmer liicht, fir déi richteg Persoun ze fannen déi een op deem eenzele Posten a fir deen eenzele Service brauch.

Dir hutt vun der Schwemm geschwat, déi mir direkt géife bauen, wa mir d'Suen duerfir hätten. Et gëtt e Projet zesumme mat der Sportshal am Quartier Elmen, dat kascht 32 Milliounen. Et kënnt ee se och op Kielen setzen an eventuell mat Fernwäermt an enger Biogasanlag schaffen. Mir schaffen un Etüden, eventuell souguer mat anere Gemengen zesummen, déi Projeten sinn awer wéinst der finanzieller Situatioun net direkt ze realiséieren.

Och déi eeler Leit hu mir net vergiess, mir krute vill Luef fir de K-Bus, deen eis 175.000 Euro kascht. Pläng vum Schockweilerhaff, mat Biergerbedeelegung; mee aus finanzielle Grënn kënne mir net alles ëmsetze wéi geplangt. Hei hu mir wëlles, eng Verbindung ze maache vun Nouspelt erop.

Sport a Kultur si wichteg, mir loossen eis déi vill Geld kaschten.

Wéineg ass geschwat ginn iwwer de Verkéier, wou mir de 27. Februar eng grouss Versammlung mam Ministère asw. zu Keespelt hunn wou mir d'Verkéiersproblemer wäerten opzielen an duerchdiskutéieren, mee ech gesinn net wéi mir dat maachen, wa mir kee Contournement kréien. Mir brauchen och d'Stéchstrooss a mir hunn zu Keespelt Verkéiersberouegung geplangt aus Richtung Miersch.

De Schäffe Marc Bissen (LSAP) lueft déi sachlech Diskussioun an déi konstruktiv Proposen, déi an déi richteg Richtung ginn. Duerfir seet hien jidderengem Merci, well dëst wier eng Gemeinschaftsaarbecht vu Servicer an der Finanzkommissioun an hie geet och op d'Analyse vum Inneministère an, déi si all besser schlofe léisst, well d'Gemeng wéineg Méiglechkeeten huet, op d'Planungssécherheet anzewierken, ausser vläicht duerch d'Liewensqualitéit vun de Gemengen-Infrastrukturen.

Zu de Personalkäschte gesäit hien e "cadeau empoisonné" mat all deene Pakten, fir déi d'Gemeng wuel Geld kritt, mee déi e groussen administrativen Opwand mat sech bréngen, fir deen ee gutt Personal brauch.

An trotzdeem wier et wichteg, datt an der aktueller Situatioun de Staat an d'Gemengen investéiere fir d'Ekonomie um Lafen ze halen.

NËT ËFFENTLECH SËTZUNG:

9. Personal-Affären

9.1. Ernennung vun engem Gemengebeamten an der Kategorie A, Loungrupp A1, wëssenschaftlech an technesch Ënnergrupp

An enger net ëffentlecher Sëtzung diskutéiert de Gemengerot iwwer d'Ernennung vun engem Gemengebeamten an der Kategorie A.

9.2. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Entschiedegungsgrupp C1 Technesch Ënnergrupp

Weider an der net ëffentlecher Versammlung geet et em d'Ernennung vun engem Gemengenemploye an der Kategorie C.

FR

CONSEIL COMMUNAL
DU 16 DÉCEMBRE 2022

Présents : le bourgmestre Félix Eischen (CSV), les échevins Marc Bissen (LSAP) et Romain Kockelmann (CSV), les conseillers communaux Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer (LSAP) et André Noesen (déi gréng) ; La secrétaire communale ff, Caroline Gräff

Excusés : Marco Haas, secrétaire communal

Début de la séance : *08.30 heures.*

Tous les points de l'ordre du jour sont approuvés unanimement à l'exception des points 8.1 et 8.2.

SÉANCE PUBLIQUE

COMMUNICATIONS

Avant la séance, le bourgmestre Félix Eischen (CSV) remercie tous les membres du Conseil communal pour leur bonne coopération lors de cette année.

1. Baux, Compromis et Actes notariés

1.1. Compromis d'échange

Avec ce compromis d'échange, la commune de Kehlen cède à Madame Wackers un terrain de 0,42 are dans la rue Simmerschmelz et reçoit deux parcelles de terrain dans la même rue pour un total de 1,63 are.

1.2. Compromis de vente

La commune vend à la communauté d'époux Wirth-Gary de Nospelt, différentes parcelles d'une contenance totale de 0,79 are dans la rue Simmerschmelz..

1.3. Acte notarié d'échange

La commune de Kehlen échange des parcelles d'une superficie totale de 171,62 ares « In der Gruf » et « In Dingen » à Kehlen contre des parcelles d'une superficie totale de 116,83 ares dans le « Schaar » et « In der Gruf » à Kehlen et « Im Widem » (Keispelt/Meispelt) qui étaient nécessaires pour l'aménagement du chemin de mobilité douce entre Kehlen et Keispelt.

1.4. Bail à ferme

Le conseil communal approuve le contrat de bail à ferme signé entre le collège échevinal et Mme Pauline Van Wissen de Nospelt, pour l'utilisation d'une partie de la parcelle 135/4282 à Nospelt, d'une contenance de 4,96 ares.

2. Pacte Nature – Mesures de la commune de Kehlen

2.1. Stratégie pour la protection de la nature et de l'eau

Après que la commune ait adopté à l'unanimité le contrat avec le Pacte Nature le 17 décembre 2021, elle a décidé le 3 juillet 2022 de coopérer avec le SICONA. Ce contrat a été adopté à l'unanimité le 15 juillet 2022 et, au début du mois d'août, Marc Bissen a été nommé échevin du Pacte Nature. En 2023, diverses affaires doivent être engagées, donc un certain nombre de décisions doivent être prises.

Par exemple, la commune doit développer une stratégie pour garantir la protection de la nature et de l'eau sur plusieurs années.

2.2. Nouvelles plantations communales en milieu urbain

La commune s'engage encore à utiliser uniquement des plantes indigènes pour les nouvelles plantations en milieu urbain.

2.3. Concept de réduction de la pollution lumineuse dans l'intérêt de la protection de la faune

Réduire la pollution lumineuse consiste à aider les plantes et les animaux qui luttent contre cette pollution en changeant l'éclairage en conséquence.

Un conseiller du parti politique déi gréng félicite la commune pour le concept de protection lumineuse Le premier échevin souligne que la commune a été guidée par un conseiller en éclairage.

2.4. Résilience des forêts

Il s'agit ici d'une prescription stipulant que, dans les forêts communales, les hêtres ne peuvent être abattus qu'à l'âge de 220 ans et les chênes seulement à l'âge de 260 ans. À cette fin, un certain nombre de mesures ont été élaborées avec le préposé forestier.

2.5. Concept de communication afin d'informer et de sensibiliser les citoyens sur les thématiques de la nature, de l'eau et du développement durable

Comme il ne suffit pas simplement de mettre en œuvre ces projets mais aussi d'en informer les citoyens et de les sensibiliser, le Service relations publiques doit développer un concept de communication dans ce but.

Pour un conseiller du parti politique déi gréng, il est important que les habitants participent. C'est pourquoi la communication est nécessaire.

le premier échevin note que l'équipe du Pacte Nature s'est déjà réunie deux fois et remercie le Conseil communal pour les ressources financières nécessaires à la mise en œuvre de ce projet.

3. Pacte Logement 2.0 – Convention de mise en œuvre

Après l'adoption à l'unanimité du Plan d'Action Local (PAL) lors de la dernière séance du Conseil communal, cette convention vise à faire en sorte que la commune s'engage à mettre en œuvre le pacte Logement 2.0. Comme ce sera encore fait cette année, la commune recevra une subvention de 320.000 € l'année prochaine.

4. Crédit spécial concernant un subside extraordinaire pour la Ligue HMC a.s.b.l.

Comme la Ligue HMC a.s.b.l. fête cette année ses 60 ans avec toute une série d'événements dans le pays, le Collège échevinal propose de lui accorder une subvention de 1.500 €.

5. Commissions consultatives communales :

5.1. Commission de l'intégration : démission d'un membre

La démission de M. Yves Deschamps de la Commission Intégration est acceptée.

5.2. Commission de l'Environnement, de la Circulation et de la Mobilité douce: démission d'un membre

La démission de M. Norbert Jung de la Commission de l'Environnement est acceptée.

5.3. Commission de l'Environnement, de la Circulation et de la Mobilité douce: nomination d'un membre

Mme Cheryl Bink-Geschwind est nommée nouvelle membre de la Commission de l'Environnement, des Transports et de la Mobilité douce.

6. Confirmation de règlements de circulation d'urgence par le Collège des bourgmestre et échevins

En raison de travaux sur le chemin vicinal entre Dondelange et Nospelt, ce chemin restera fermé à la circulation du 7 janvier au 30 juin 2023.

7. Centre intégré pour personnes âgées à Eischen – Convention

Grâce à un accord avec l'Ordre des Franciscaines, la commune de Kehlen réserve 7 lits pour ses habitants dans le nouveau CIPA de la Congrégation, pour un coût de 100.000 € par lit, répartis sur deux exercices financiers.

Dans ce contexte, un conseiller du parti politique CSV rappelle que six lits ont déjà été demandés à Bofferdange, où le projet a été reporté à 2030. En outre, Kehlen dispose de 14 lits à Mamer, dont un est inoccupé, et de deux lits à l'ALA à Erpeldange/Sûre, tous deux occupés. Étant donné que les listes d'attente se sont effondrées après le Covid et que la pression n'est plus aussi forte, il demande s'il est toujours logique de conserver la demande à Bofferdange. Une conseillère du parti politique LSAP souligne que Bofferdange est encore relativement proche de Kehlen.

8. Budget

8.1. Budget rectifié 2022

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	*29.917.648,58 €*	*6.966.388,58 €*
Total des dépenses	*24.233.314,93 €*	*26.870.429,91 €*
Boni propre à l'exercice	*5.684.333,65 €*	
Mali propre à l'exercice		*19.904.041,33 €*
Boni du compte 2021	*15.625.775,44 €*	
Mali du compte 2021		
Boni général	*21.310.109,09 €*	
Mali général		*19.904.041,33 €*
TRANSFERT		
De l'ordinaire à l'extraordinaire	*- 19.904.041,33 €*	*+ 19.904.041,33 €*
Boni présumé fin 2022	*1.406.067,76 €*	
Mali présumé fin 2022		

Budget 2023

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	*30.291.521,30 €*	*46.923.600,17 €*
Total des dépenses	*29.231.765,28 €*	*49.231.761,62 €*
Boni propre à l'exercice	*1.059.756,02 €*	
Mali propre à l'exercice		*2.308.161,45 €*
Boni présumé du compte 2022	*1.406.067,76 €*	
Mali du compte 2022		
Boni général	*2.465.823,78 €*	
Mali général		*2.308.161,45 €*
TRANSFERT		
De l'ordinaire à l'extraordinaire	*- 2.308.161,45 €*	*+ 2.308.161,45 €*
Boni définitif	*157.662,33 €*	
Mali définitif		

Avant le débat sur le budget rectifié 2022 et le budget 2023, le bourgmestre informe les membres du Conseil communal de divers changements ultérieurs concernant les salaires. Il souligne que le prix de l'eau du SES sera augmenté à partir du 1er janvier, que le prix de l'électricité doublera également, que les recettes de l'impôt commercial augmenteront et que divers petits articles, tels qu'un audit, ont été ajoutés.

Le bourgmestre, ainsi que tous les intervenants lors des discussions budgétaires, remercient tous les responsables pour leur coopération à ce budget, en particulier le service financier communal ainsi que la commission des finances et le Collège échevinal.

8.2. Budget 2023

Les conseillers du parti politique déi gréng et de la DP se sont abstenus lors du vote sur le budget révisé de 2022 et le budget 2023 qui ont été approuvés par tous les autres conseillers.

Description	Budget 2023
Organes politiques	
Œuvres d'art	*2.500,00 €*
Organisation des élections et référendums	
Mobilier	*25.000,00 €*
Coordination administrative	
Acquisition de licences informatiques	*15.000,00 €*
Acquisition de logiciels informatiques	*125.000,00 €*
Agrandissement de la maison communale à Kehlen	*400.000,00 €*
Construction d'un bâtiment administratif servant d'annexe à la Mairie à Kehlen	*1.000.000,00 €*
Mise en place d'un système de verrouillage centralisé informatisé programmable à distance pour les bâtiments communaux	*50.000,00 €*
Autres véhicules de transport des services administratifs communaux - Electro-mobilité	*5.000,00 €*
Mobilier	*50.000,00 €*
Nouveau matériel informatique pour la Mairie à Kehlen	*75.000,00 €*
Coordination technique	
Révision du Plan d'Aménagement Général de la commune de Kehlen	*50.000,00 €*
Modifications ponctuelles du PAG de la commune de Kehlen	*75.000,00 €*
Projets d'aménagements particuliers « nouveau quartier » élaborés par la commune de Kehlen	*50.000,00 €*
Audit de sécurité et plan de gestion des risques	*25.000,00 €*
Logiciels sur mesure pour les besoins du service technique communal	*125.000,00 €*
Amélioration de la sécurité générale et technique des bâtiments communaux	*100.000,00 €*
Outillage	*25 000,00 €*
Troisième âge	
Construction d'un Home Pour Personnes Âgées à Eischen	*350.000,00 €*
Crêches et garderies	
Acquisition de licences informatiques	*2.500,00 €*
Mobilier	*50.000,00 €*
Matériel informatique (hardware)	*7.500,00 €*
Maisons-relais / Foyers scolaires	
Concessions, brevets, licences, marques ainsi que droits et valeurs similaires	*10 000,00 €*
Mobilier	*40 000,00 €*
Matériel informatique (hardware)	*17 500,00 €*
Centres de rencontre pour jeunes	
Mobilier	*12.500,00 €*
Autre mobilier	*2.500,00 €*
Matériel informatique (hardware)	*3.750,00 €*
Aides aux nécessiteux	
Dotation fonds de roulement Office social commun Mamer	*255,00 €*

Agriculture	
Mise en état de la voirie rurale communale pour l'exercice 2017	*125.000,00€*
Mise en état de la voirie rurale communale pour l'exercice 2021	*75.000,00€*
Mise en état de la voirie rurale communale pour l'exercice 2022	*100.000,00€*
Mise en état de la voirie rurale communale pour l'exercice 2023	*175.000,00€*
Sylviculture	
Acquisition de parcelles boisées	*50.000,00€*
Construction d'un nouveau hangar pour le service forestier	*125.000,00€*
Équipement de transport et de manutention pour le service forestier	*65.000,00€*
Distribution de gaz naturel	
Pose de conduites de gaz naturel « Am Brill » à Kehlen avec remplacement des vannes d'eau	*125.000,00€*
Tourisme	
Aménagement d'un chemin de mobilité douce accessible aux personnes à mobilité réduite	*50.000,00€*
Transports routiers	
Installations techniques de voirie - Abris-voyageurs	*50.000,00€*
Développement économique	
Mise en conformité de l'autorisation d'exploitation pour la Zone d'Activités Economiques à Kehlen	*75.000,00€*
Réaménagement de la voirie en la Zone d'Activités Economiques à Kehlen	*250.000,00€*
Mobilier	*2.500,00€*
Gestion des déchets	
Syndicat intercommunal pour l'hygiène publique du canton de Capellen « SICA » - Apport en capital	*304.936,63€*
Gestion des eaux usées	
Réception du questionnaire assainissement relatif au dossier technique suivant la loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau avec adaptation de l'étude générale du réseau d'assainissement aux recommandations de l'AGE	*12.500,00€*
Assistance technique dans le cadre de divers projets de faible envergure relatifs à l'assainissement (Mise à jour des plans du réseau de canalisatio communal)	*22.500,00€*
Syndicat intercommunal de dépollution des eaux résiduaires de l'ouest « SIDERO » - Apport en capital	*1.940.319,99€*
Lutte contre la pollution	
Concept de car-sharing en la commune de Kehlen	*25.000,00€*
Mesure d'économie d'énergie	
Installations photovoltaïques sur les bâtiments communaux	*100 000,00€*
Gestion technique centralisée des bâtiments communaux	*25 000,00€*
Protection de la nature	
Exécution de travaux dans le domaine de la protection de la nature relatifs au contrat « Pacte Nature »	*100 000,00€*
Gestion des eaux de surface	
Frais d'études pluies torrentielles	*50.000,00€*
Construction d'une canalisation à eaux pluviales en la rue Durenthal avec construction d'une rétention pour les bassins tributaires en amont de la rue de Kehlen à Keispelt	*75.000,00€*
Construction d'une canalisation à eaux superficielles avec rétention déversant du côté de Meispelt avec révision du réseau de canalisation à eaux mixtes dans le cadre de l'assainissement de Keispelt et de Meispelt	*37.500,00€*
Pose d'une canalisation à eaux pluviales en la rue d'Olm à Nospelt	*175.000,00€*
Agrandissement du bassin de rétention des eaux pluviales en la rue Simmerschmelz à Nospelt	*100.000,00€*
Remplacement de la canalisation à eaux superficielles en la rue de Keispelt à Kehlen	*150.000,00€*

Alimentation en eau	
Délimitations des zones de protection des captages-sources Direndall	*125.000,00€*
Mise à jour de l'étude hydraulique du réseau d'eau potable communal et mise à jour des plans y relatifs	*100.000,00€*
Mise en conformité des sources de Keispelt (Direndall)	*25.000,00€*
Renouvellement de conduites d'eau	*125.000,00€*
Extension du réservoir d'eau Um Léck à Nospelt	*50.000,00€*
Renouvellement de la conduite d'eau alimentant le Domaine Brameschhof	*350.000,00€*
Acquisition de matériel pour conduites d'eau	*100.000,00€*
Outillage	*20.000,00€*
Matériel informatique pour la lecture à distance des compteurs d'eau	*15.000,00€*
Protection de l'environnement	
Dotation au fonds de réserve Pacte Climat	*75.000,00€*
Logements au prix du marché	
Acquisition de propriétés des consorts Wies en la rue de Kopstal à Kehlen (Terrain)	*800.000,00€*
Acquisition de propriétés des consorts Wies en la rue de Kopstal à Kehlen (bâtiment)	*3.200.000,00€*
Logements à prix réduit (social)	
Transformation de la maison Lippert à Kehlen en des logements sociaux avec revalorisation de l'ancien café	*600.000,00€*
Transformation du Schockweileschhaff à Nospelt en des logements sociaux	*125.000,00€*
Places publiques	
Aménagement d'aires de jeux	*125.000,00€*
Circulation	
Etude et comptage de trafic en la commune de Kehlen	*55.000,00€*
Mesures d'apaisement du trafic et de sécurisation des passages pour piétons	*350.000,00€*
Mise en conformité et sécurisation des passages pour piétons	*175.000,00€*
Mesures d'amélioration de la sécurité routière	*125.000,00€*
Frais d'études d'infrastructure et d'aménagement	*25.000,00€*
Acquisition de terrains et frais notariés relatifs au réaménagement de l'infrastructure routière	*75.000,00€*
Réaménagement de la rue du Moulin à Dondelange avec renouvellement des réseaux	*50.000,00€*
Réaménagement de la rue du Centre et An der Gässel à Kehlen	*17.500,00€*
Réaménagement partiel de la rue de Mamer et de la rue de Kopstal à Kehlen	*70.000,00€*
Aménagement d'un chemin de mobilité douce à Kehlen en prolongation de la rue de Kopstal	*225.000,00€*
Mise en conformité du passage piétons et des arrêts de bus sur la route de Luxembourg (N12) à Dondelange	*250.000,00€*
Réaménagement du croisement de la rue des Champs avec la rue Brameschhof à Kehlen	*100.000,00€*
Réaménagement du chemin de mobilité douce entre Kehlen et Olm	*50.000,00€*
Mise en conformité du croisement rue de Keispelt / rue de Nospelt / Am Scharfeneck et du passage à piétons en la rue de Nospelt à Kehlen	*100.000,00€*
Mise en conformité des arrêts de bus et du passage pour piétons devant la Mairie en la rue de Mamer à Kehlen	*100.000,00€*
Réaménagement et réfection voirie et trottoirs au Domaine Hueseknäppchen à Olm	*1.500.000,00€*
Renouvellement de la couche de roulement sur la voirie vicinale communale avec réparation des trottoirs et travaux neufs de moindre envergure	*275.000,00€*
Renouvellement et réaménagement de la voirie vicinale communale	*325.000,00€*
Installations techniques de voirie	*25.000,00€*
Mobilier	*50.000,00€*
Cimetières	
Agrandissement et réaménagement du cimetière à Kehlen	*350.000,00€*
Syndicat intercommunal pour la construction et l'exploitation d'un crématoire « SICEC »	*50.000,00€*

Ateliers	
Réaménagement et extension du service de régie communal en la Zone d'Activités Economiques Kehlen	*4.250.000,00€*
Acquisition de machines et d'appareils pour le service de régie communal	*15.000,00€*
Équipement de manutention pour le service de régie communal	*75.000,00€*
Acquisition de véhicules de transport pour le service de régie communal	*250.000,00€*
Outillage	*35.000,00€*
Matériel informatique (hardware)	*10.000,00€*
Immeubles bâtis et non bâtis non affectés	
Acquisition de terrains non affectés	*250.000,00€*
Autres logements et équipements collectifs	
Dotation au fonds de réserve pacte logement	*965 000,00 €*
Loisirs	
Installation d'une station de lavage pour vélos	*5.000,00€*
Terrains de sports	
Constructions de nouveaux vestiaires avec buvette et locaux annexes au Stade Albert Berchem à Kehlen	*2.750.000,00€*
Aménagement d'une piste de Pump-Track	*5.000,00€*
Acquisition d'un robot-tondeuse pour le terrain de football au Stade Albert Berchem à Kehlen	*40.000,00€*
Mobilier	*25.000,00€*
Halls sportifs	
Mise en état et grosses réparations au hall sportif à Kehlen	*350.000,00€*
Autres machines	*17.500,00€*
Mobilier	*32.500,00€*
Piscines	
Construction d'une piscine destinée prioritairement à la natation scolaire et hall sportif à Olm au nouveau quartier Elmen	*400.000,00€*
Centres culturels et Salles de fêtes	
Construction d'une nouvelle salle des fêtes à Olm	*250.000,00€*
Agrandissement du centre culturel et sportif à Nospelt	*37.500,00€*
Mise en état et réaménagement de l'ancien presbytère à Nospelt	*50.000,00€*
Mise en état avec mise en conformité du Museksall à Kehlen	*300.000,00€*
Mobilier	*37.500,00€*
Fêtes publiques	
Mobilier pour fêtes publiques	*100.000,00€*
Enseignement fondamental	
Acquisition de licences informatiques	*15.000,00€*
Extension et réaménagement du campus scolaire à Kehlen	*50.000,00€*
Construction d'un bâtiment scolaire avec maison relais à Olm au nouveau quartier « Elmen »	*19.000.000,00€*
Construction d'un nouveau bâtiment pour l'éducation préscolaire à Kehlen	*2.250.000,00€*
Construction d'un nouveau bâtiment scolaire au campus scolaire et sportif à Kehlen	*250.000,00€*
Mobilier	*100.000,00€*
Matériel informatique (hardware)	*60.000,00€*
Total	***49.231.761,62€***